Commune de BERTRANGE

# CLUB AM SCHLASS



## SEPTEMBER - DEZEMBER 2025



# VIR**WUERT**

Et ass erëm esou wäit, de Summer ass leider eriwwer an esou lues geet et a Richtung Hierscht. D'Temperature falen an d'Beem kréien déi schéin Hierschtfaarwe bis d'Blieder erëm erof falen an den Hierscht dem Wanter Plaz mécht. Fir datt eis Motivatioun a Freed awer net mat de Blieder fält, hu mir flott Aktivitéiten um Programm, fir lech duerch dës Zäit ze bréngen.

Eis beléiften Trëppeltier sinn natierlech och erëm mat dobäi, genau sou ewéi eis gemittlech Filmnométteger an eisen Thé Dansant am Oktoberfest Stil.

Dës Weideren hu mir flott Ausflich geplangt. Mir fänken u mat enger Visitt vun der Torréfaction Bruno an engem Keelennométteg. Weider geet et dann op Cochem wou mir d'Reichsburg an de Bundesbankbunker besiche ginn. Ugebuede gëtt och eng Visitt vum Schlass zu Lunéville an der Baccarat-Kristallerie. Dëst Trimester hu mir och erëm eng vun eisen europäeschen Institutiounen, d'EU Kommissioun zu Bréissel, dobäi. Fir Chrëschtshopping ass och gesuergt. Mir fueren an de Fashionoutlet op Zweebrécken an op de Chrëschtmaart op Bruges.

Eng kleng Ännerung gëtt et ab dësem Joer am Programm. Den Neijoerschpatt gëtt elo zum Chrëschtpatt an eis beléifte Seniorefeier gëtt ab elo am Januar ofgehalen.

Mir hoffen datt eise Programm lech gutt duerch déi kal Zäit bréngt an Dir vill Freed dorunner hutt.



*Mir freeën eis op lech.*


*Mandy a Sharon*


06


10


12


14


22

# CONTENT


Trëppeltier 06

Visitt vun der Torréfaction Bruno & Keele spillen 10

Ausfluch op Cochem 12

Thé Dansant 14

Konferenz "My Guichet" 16

Ausfluch op Lunéville & an de Musée du Cristal zu Baccarat 18

Filmnomëtteg "The Best Exotic Marigold Hotel" 20

Ausfluch op Bréissel 22

Ausfluch an de Fashion Outlet zu Zweebrécken 24

Chrëschtmaart Bruges 26

Filmnomëtteg "La tête en friche" 28

Chrëschtpatt 30

SAVE THE DATE - Vakanz an Holland 32

Fotosréckbléck 34

Notizen 52

"Shared Space - Règlement principal" 54

Informationen / informations 55




# TRËPPELTIER

mam Ed Pansin



# Es gehört wohl zum Schönsten, was es gibt, sich ein Land zu erwandern.

Erika Hubatschek

Leider loosse mir de Summer an déi waarm a sonneg Zäit hannert eis an déi méi kal Zäit brécht un. Ewéi awer ëmmer gesot gëtt, et gëtt kee schlecht Wieder, just schlecht Kleeder. Duerfir bidde mir Iech eis Tréppeltier mam Ed Pansin och am Hierscht un.

D'Departe gitt Dir bei der Umeldung gewuer. Wa mir net am Duerf ginn an Dir keng Méiglechkeet hutt fir selwer op den Treffpunkt ze kommen, versiche mir Iech gären eng Matfuergeleeënheet ze organiséieren.

Konditioun: Gutt zu Fouss

Vergiesst och wannechgelift net fest Schong a Gedrénks matzehuelen!

D'Participatioun erfollegt op eege Verantwortung.



**i**

**30.09.2025**
14.00 Auer
5 - 8 KM

---

**14.10.2025**
9.00 Auer
5 - 7 KM (Moies)
3 KM (Mëttes)

---

**28.10.2025**
13.30 Auer
5 - 8 KM

---

**18.11.2025**
13.30 Auer
5 - 8 KM

---

**02.12.2025**
13.30 Auer
5 - 8 KM (Moies)

---

**16.12.2025**
13.30 Auer
5 - 8 KM

---

**Umeldung bis de jeeweilegen Dag virdrun!**
*(eng Woch virdru wa mir dee ganzen Dag ginn)*

# PROGRAMM

September - Dezember





# TORRÉFACTION BRUNO & KEELE SPILLEN





Kommt mat eis op eng intressant Visitt vun der gréisster Kaffisréischterei zu Lëtzebuerg. An der Torréfaction Bruno kréie mir en Abléck an d'Geschicht vum Kaffi souwéi iwwert déi traditionell Produktiounsmethode vun der Boun bis zum fäerdege Kaffi.

Fir eis no der Visitt ze stäerken, gëtt et e gudde Maufel am Restaurant Emozioni z'iessen. De Menü kënnt no.

Well eise lëschte Keelen Nomëtteg esou vill Freed bereet huet, hu mir dat haut och erëm um Programm. Mir hunn de ganze Mëtten d'Keelebunn vum Restaurant Emozioni zur Verfügung.






**24.09.2025**

Depart: 9.30 Auer

Gemeng/Dicks
ArcA/Fleuri

55€ (mat lessen, ouni Gedrénks)

**Umeldung bis den 10. September 2025**

# AUSFLUCH OP COCHEM



Mir fueren haut op Cochem, wou mir direkt zwou intressant Visitte virbereet hunn. Mueres gi mir d'Reichsburg, eng imposant Héichbuerg aus dem 11te Joerhonnert, déi 100 Meter iwwert der Musel trount, kucken. Si gouf am 17te Joerhonnert am Kader vun engem Ierffollegkrich vun de Fransousen zerstéiert fir spéider erëm opgebaut a restauréiert ze ginn. Eise Buergguide weist eis déi schéinste Raim an zielt eis d'Geschicht vun dëser anschaulecher Buerg.

No eiser Visitt gi mir an de Restaurant La Baia zu Cochem iessen. De Menü kënnt no.

Nodeems mir eis gestäerkt hunn, geet et da weider an de verstoppte Bundesbankbunker. Dëse Bunker ass eng faszinéierend historesch Plaz, déi wärend dem Kale Krich eng wichteg Roll gespillt huet. De Bunker gouf tëschent 1962 an 1964 vun der Däitscher Bundesbank gebaut an huet als geheimt Lager fir Noutfallgeldreserve gedéngt. Haut ass de Bundesbankbunker e Musée, dee Visitten a guidéiert Touren ubitt. Mir kréien original Noutfallgeldschäiner ze gesinn a ginn alles iwwer d'Geschicht vum Bunker an d'wirtschaftlech Erausfuerderunge vum Kale Krich gewuer.

Kommt mat a begleet eis op dësem Tour duerch d'Geschicht vun der Stad Cochem.

Dir musst hei gutt ze Fouss sinn. Leider kënne mir net vum Bus bei der Buerg eraus gelooss ginn, mee mussen e Stéck erop trëppelen. E klenge Spadséiergang deet awer och gutt.

Dot lech gutt waarm un, wëll am Bundesbankbunker sinn et net méi ewéi 12°C.





**07.10.2025**

Depart: 08.15 Auer
Retour: 20.15 Auer
zu Bartreng

Gemeng/Dicks
ArcA/Fleuri

115€ (mam Iessen
+ Waasser
+ 1 alkoholescht Gedrénks)

**Umeldung bis de 16. September 2025**

# THÉ DANSANT

MAM ORCHESTER EVER DANCE



# Der Tanz ist ein Gedicht,
# bei dem jede Bewegung ein Wort ist.

Mata Hari



Et ass erëm esou wäit d'Danzschong auszepaken. Mir invitéieren lech häerzlech op e festlechen Thé Dansant, inspiréiert vum bayreschen Oktoberfest, mee mat engem flotte lëtzebuergeschen Touch. Kommt feieren, danzen a genéissen an enger gemittlecher Atmosphär.

Fir Iessen an Drénken ass gesuergt.




**12.10.2025**

14.30 - 20.00 Auer

Centre Atert
(Festsall)

Gratis

**Umeldung bis den 3. Oktober 2025**

# KONFERENZ **MY GUICHET**

Amtsweeër einfach online erleedegen



Entdeckt wéi Dir Är Amtsweeër bequeem vun doheem aus iwwer MyGuichet.lu erleedege kënnt! Dës Konferenz féiert Iech Schrëtt fir Schrëtt duerch d'Benotzung vun der Plattform a weist Iech, wéi Dir Är digital Identitéit sécher asetzt.

Um Agenda:

- Digital Identitéit: Wat ass dat a firwat ass se wichteg?
- Guichet.lu a MyGuichet.lu: Iwwersiicht vun de Plattformen.
- Registréierung an Umeldung: Sou fänkt Dir mat MyGuichet.lu un.
- Beispiller: Praktesch Uwendunge fir Är Amtsweeër.

D'Léierziler sinn:

- Verstoen, wat eng digital Identitéit ass a firwat se eng Roll spillt.
- Wësse, wéi Dir Är digital Identitéit sécher schützt.
- Guichet.lu a MyGuichet.lu kenneléieren an hiren Zesummenhang verstoen.
- Léieren, wéi ee MyGuichet.lu benotzt, fir Amtsweeër ze erleedegen.

Spuert Zäit a maacht Är Amtsweeër digital – einfach, sécher a praktesch!
Dëst ass kee Workshop mee eng Konferenz, Dir kritt hei keng individuell Berodung, mee eng Iwwersiicht iwwert den Tool.




**16.10.2025**

14.00-15.30 Auer

Maison Schauwenburg (2. Stack)

Gratis

Lëtzebuergesch

**Umeldung bis den 10. Oktober 2025**

# AUSFLUCH OP LUNÉVILLE & BACCARAT

Schlass & Musée du Cristal



Net wäit vun eis fort läit d'Schlass vu Lunéville, wat vum Schlass vu Versailles inspiréiert ass an duerfir och "petit Versailles lorrain" genannt gëtt. Fréier hunn d'Ducs de Lorraine hei gewunnt, haut ass d'Schlass e geschützt geschichtlecht Monument. Eng grouss Partie vum Schlass ass 2003 ofgebrannt, a gouf wärend zéng Joer restauréiert. Eise Guide wäert Iech duerch déi verschidde Säll an Hale vum Schlass féieren an Iech Geschichten iwwer seng Bauweis an déi vill Persounen, déi hei gelieft hunn, erzielen.



Mëttes kréie mir dann am Restaurant Le Petit Comptoir follgende Menü zerwéiert:

- Tarte aux Poireaux et Château Blâmont
- Parmentier de Pintade
- Parfait glacé à la Bergamote et madeleine maison



Den Dag ass awer nach net eriwwer. Mir ginn nach de "Musée du Cristal" zu Baccarat besichen, deen un d'Fabrik ugegliddert ass. Dëse Musée weist 600 Kristallobjeten, déi d'Geschicht an d'Handwierk vu Baccarat illustréieren. Hei ass och e klenge Buttek, wou Dir Souveniren kafe kënnt.



**22.10.2025**

Depart: 07.00 Auer
Retour: 19.00 Auer
zu Bartreng

Gemeng/Dicks/ArcA/Fleuri

90€ mat Iessen
(ouni Gedrénks)

**Umeldung bis de 7. Oktober 2025**

# FILMNOMËTTEG

THE BEST EXOTIC MARIGOLD HOTEL | *Ein Film von John Madden*



Das BEST EXOTIC MARIGOLD HOTEL in Indien hat sich voll auf die Bedürfnisse reicher, eleganter Briten eingestellt. Hier sollen sie ihren Lebensabend verbringen und mit luxuriösen Annehmlichkeiten verwöhnt werden.


Zumindest wurde ihnen das versprochen. Die sieben Gäste allerdings, die diesen Versprechungen geglaubt haben und stehen nun Veränderungen und Erholungsuchend vor dem Hotel - dass nicht wirklich auf ihre Ankunft vorbereitet zu sein scheint.

Auch wenn Hotelmanager Sonny Kapoor (Dev Patel), der das elegante Gebäude von seinem Vater geerbt hat und in ein Luxushotel verwandeln will, voller Enthusiasmus von kommenden "Verbesserungen" berichtet - Strom, Telefon und fließend Wasser lassen auf sich warten. Entsprechend fassungslos sind die mittellose Evelyn (Judi Dench), der desillusionierte Ex-Richter am Obersten Gerichtshof Graham (Tom Wilkinson), das im Dauerstreit lebende Ehepaar Douglas (Bill Nighy) und Jean (Penelope Wilton), die nur für eine neue Hüfte anreiste Muriel (Maggie Smith) und die nach einer neuen Liebe Suchenden Madge (Celia Impire) und Norman (Ronald Pickup).

Auch das kontrastreiche Indien, gleichermaßen schön wie fremdartig, traditionell und modern, verwirrt die Neuankömmlinge. Doch nach einer Weile beginnen sie, Freundschaften zu schließen und machen neue, unerwartete Erfahrungen...








**29.10.2025**

15.00 Uhr

ArcA

Gratis

124 min

**Anmeldung bis zum 22. Oktober 2025**

# VISITT ZU BRÉISSEL

VUN DER EUROPÄESCHER KOMMISSIOUN A VUM BANKSY MUSÉE






D'Aufgabe vun der EU-Kommissioun si Gesetzer virzeschloen, d'Reegelen ëmzesetzen, den EU-Budget ze verwalten an d'EU an der Welt ze vertrieden.

Wat kann ee bei dësem Besuch erliewen?

- Präsentatiounen iwwert d'Aarbecht vun der Kommissioun
- Interaktiv Ausstellungen am Visitors Centre

Fir Mëttes net vun de Been ze falen, gi mir an de Wolf Food Market zu Bréissel, wou jiddereen sech aussiche kann, wat en iesse wëll.

Nodeems mir eis gestäerkt hunn, geet et weider an de Banksy Musée. De Banksy ass e Street-Art-Kënschtler aus Groussbritannien, mee kee weess genau wien hien ass. Seng Konschtwierker hu gréisstendeels e staarke politeschen oder soziale Message mat Themen ewéi Krich, Fridden, Konsum, Aarmut oder Iwwerwaachung. De Sënn vu senge Konschtwierker ass d'Mënschen e bëssen zum Nodenken ze bréngen.



**12.11.2025**

Depart: 07.00 Auer
Retour: 18.45 Auer

Gemeng/Dicks/ArcA/Fleuri

50€ (ouni Iessen)

**Umeldung bis den 28. Oktober 2025**

# AKAFEN AM OUTLET

ZU ZWEEBRÉCKEN






D'Chrëschtzäit fänkt un a mir wëllen eise Léifsten natierlech eng kleng Freed maachen an hinnen eppes Flottes schenken. Eng schéin nei Chrëschttenue ze kafen ass awer och ni vu Muttwëll. Duerfir fuere mir zesummen an den Outlet op Zweebrécken. Dëse bitt eis am Ganzen 120 flott Butteker, wou Dir sécherlech genuch fannt fir ze kafen.

Wann Dir midd sidd oder eng Paus braucht, fannt Dir hei och e puer Caféen a Restauranten, wou Dir e bësse pauséiere kënnt.



i

**26.11.2025**

Depart: 07.30 Auer
Retour: 20.30 Auer

Gemeng/Dicks/
ArcA/Fleuri

35€ (ouni Iessen)

**Umeldung bis den 11. November 2025**

# CHRËSCHTMAART

BRUGES



Bruges ass eng wonnerschéi belsch Stad, déi besonnesch am Wanter eng magesch Atmosphär verspreet. Vu Mëtt November bis Ufank Januar gëtt Bruges an eng Wanterwelt mam Festival Winter Glow verwandelt. Mir maachen hei eng Visitt vun der Stad, entdecken de Winter Glow Liicht-Skulpture Parcours, an natierlech de Chrëschtmaart, deen op zwou Plaze stattfënnt.

Mir fuere Moies fir 8.00 Auer fort a kommen den Dag drop Owes fir +/- 22.00 Auer heem.

Abegraff am Präis sinn:

- Eng Nuecht am Hotel Navarra**** mat Owes Iessen (ouni Gedrénks) a Frühstück
- Eng guidéiert Bootsfaart duerch d'Grachten bei där mir d'Gebaier an d'Stad vum Waasser aus kenne léieren
- En Owesiessen um Heemwee
- Den Transport vun der ArcA op Bruges an zeréck
  (Dir kënnt fir 35€ zousätzlech och doheem ofgeholl ginn)

Kommt mat a stëmmt Iech mat eis zesummen op déi wonnerschéi Chrëschtzäit an.



**04.- 05.12.2025**

08.00 Auer

ArcA

460 € pp am Duebelzëmmer a 560 € pp am Eenzelzëmmer

**Umeldung bis den 01. September 2025**

# FILMNOMËTTEG

LA TÊTE EN FRICHE | *Un film de Jean Becker*










Germain, 45 ans, quasi analphabète, vit sa petite vie tranquille entre ses potes de bistrot, sa copine Annette, le parc où il va compter les pigeons et le jardin potager qu'il a planté derrière sa caravane, elle-même installée au fond du jardin de sa mère, avec laquelle les rapports sont très conflictuels. Il n'a pas connu son père, sa mère s'est retrouvée enceinte de lui sans l'avoir voulu, et le lui a bien fait sentir depuis qu'il est petit, à l'école primaire son instituteur l'a vite pris en grippe, il n'a jamais été cultivé, il est resté " en friche ".

Un jour, au parc, il fait la connaissance de Margueritte, une très vieille dame, ancienne chercheuse en agronomie, qui a voyagé dans le monde entier et qui a passé sa vie à lire.

Elle vit seule, à présent, en maison de retraite. Et elle aussi, elle compte les pigeons.
Entre Germain et Margueritte va naître une vraie tendresse, une histoire d'amour " petit-filial ", et un véritable échange...

**10.12.2025**

15.00 heures

ArcA

Gratuit

82 min

**Inscription jusqu'au 3 décembre 2025**

# CHRËSCHTPATT

VUM CLUB AM SCHLASS





Ab dësem Joer gëtt eng et kleng Ännerung. Eis Seniorefeier ass am Januar, an eisen Neijoerschpatt gëtt zum Chrëschtpatt, a fënnt am Dezember statt. Fir op déi kommend Feierdeeg an d'Enn vun engem gelongene Joer unzestoussen, invitéiere mir Iech häerzlechst op eise Chrëschtpatt am Chalet am Park.

An enger gemittlecher Atmosphär loosse mir dat lescht Joer nach eng Kéier Revue passéieren. Dir kritt d'Méiglechkeet de Club am Schlass besser kennen ze léieren, a vläicht fannt Dir Interessi un eise Coursen oder Excursiounen.

Mir freeën eis drop, Iech am Chalet ze begréissen, a mat engem Pättchen unzestoussen.

**19.12.2025**

16.00 – 20.00 Auer


Chalet am Park

Gratis

**Umeldung bis den 10. Dezember 2025**


# SAVE THE DATE

VAKANZ AN HOLLAND









**Mir fuere vum 22. bis de 25. Abrëll 2026**

**op de Keukenhof an op den Haag an Holland.**

**De geneeë Programm mat de Präisser kënnt no.**

# FOTOS RÉCKBLÉCK

Februar 2025 - Abrëll 2025




AKTICA
PENTACON
auto
1.8/50
MULTI COATING

## VISITT SIDEC & KEELENNOMËTTEG














LOWA
GORE-TEX



26.02.2025



















COUR DE JUSTICE
DE L'UNION
EUROPÉENNE
COUR DE JUSTICE
DE L'UNION
EUROPÉENNE





# THÉ DANSANT

















ROYAL PALACE KIRRWILLER















19.03.2025










## PÄIPERLÉKSGAART & HAFE MÄERTERT









02.04.2025























































# NOTIZEN



Maacht Iech hei Notizen zu den Aktivitéiten déi Dir maache wëllt


Commune de **BERTRANGE**

# Shared Space

## RÈGLEMENT PRINCIPAL

- La voie publique est ouverte à la circulation motorisée, cycliste et piétonne
- Priorité à droite absolue
- Vitesse maximale autorisée de 20km/h
- Le stationnement est interdit sauf sur les emplacements aménagés

| | | | |
|---|---|---|---|
| 1 | Stadion André Wolff | 64 | 4H max |
| 2 | Kierfecht | 30 | 4H max |
| 3 | Duerfgaart | 9 | 2H max |
| 4 | Beim Schlass | 8 | 2H max |
| 5 | Beim Schlass | 13 | 1H max |
| 6 | Oppert | 12 | 2H max |
| 7 | Schauwebuerg | 8 | 1H max |
| 8 | Gemeng | 24 | 2H max |
| 9 | Am Zentrum | 125 | 4H max |
| 10 | Atert | 22 | 4H max |
| 11 | Tennis | 18 | 4H max |
| 12 | Péitruss | 83 | 4H max |
| 13 | Apdikt | 4 | 1H max |
| A | ArcA (SANS DISQUE) | 37 | 48H max |




**JOURS OUVRABLES DU LUNDI AU VENDREDI DE 08H00 À 18H00**

# INFORMATIONEN **INFORMATIONS**

## WICHTIGE HINWEISE:

Die Teilnahme an Aktivitäten erfolgt auf eigene Verantwortung.

Anmeldungen werden telefonisch und per E-Mail entgegengenommen. Sie werden umgehend informiert, ob ein Platz frei ist oder ob Sie auf der Warteliste stehen.

Wurde Ihnen mündlich oder per E-Mail ein Platz zugesichert, dann überweisen Sie binnen 7 Tagen den entsprechenden Betrag mit dem korrekten Vermerk.

Ihre Anmeldung ist verbindlich.

Sollten Sie aus gesundheitlichen Gründen absagen müssen, so informieren Sie uns sofort. Unter Umständen können wir Ihren Platz an einen Interessenten weitergeben. Die für uns entstehenden Unkosten werden nicht zurückerstattet.

Bei vielen Aktivitäten werden Fotos von den Teilnehmern gemacht. Diese werden zur Publikation genutzt. Sind sie nicht damit einverstanden, dass ein Foto von Ihnen veröffentlicht wird, dann teilen Sie uns dies schriftlich mit.

## *AVIS IMPORTANTS:*

*L'usager participe aux activités à ses propres risques. La commune décline toute résponsabilité en cas d'accident.*

*Les inscriptions aux activités se font soit par téléphone, soit par courriel.*

*En cas de confirmation de votre inscription, veuillez effectuer le paiement dans les meilleurs délais.*

*Votre inscription est contraignante.*

*Si vous êtes dans l'incapacité de participer aux cours pour des raisons médicales, veuillez-nous en informer dans les meilleurs délais. Le cas échéant, votre place sera confiée à une personne sur la liste d'attente. Les frais d'inscription ne peuvent être remboursés dans aucun cas.*

*Lors de toute activité, des photos peuvent être prises et peuvent être reprises dans des publications. Si vous ne voulez pas figurer dans des publications, veuillez nous en informer en avance et par écrit.*

## Einschreibungen / Inscriptions

**Club Am Schlass**
26 312 250/255 ou clubamschlass@bertrange.lu

**Comptes bancaires:**
BCEE LU15 0019 1001 0292 6000 / CCPL LU54 1111 0070 9110 0000



## COMMUNE DE BERTRANGE
## SERVICE 50+

2, BEIM SCHLASS | L-8058 BERTRANGE

WWW.BERTRANGE.LU

Club
Am Schlass
*centre de rencontre*

## HEURES D'OUVERTURE

LUNDI AU VENDREDI
08:00 À 12:00 & 13:00 À 16:00

26 312 - 250 / 255

DER BLAUE ENGEL
weil aus 100% Altpapier

EU Ecolabel
www.ecolabel.eu

Circleoffset
Premium White